



Resolutioun: Politesch Bildung a Lëtzebuerg

„Politesch Bildung besteet aus alle Prozesser, déi op d’Kand, d’Jugendlech oder op d’Erwuessener – iwwer déi verschidden Institutiounen, Gruppen, oder Medien awierken. Politesch Bildung geschitt formell (z.B an de Schoulen) an am net formellen Beräich (z.B an Jugendhaiser), awer och an Famillen oder an alldeeglechen Situatiounen.“¹

Zil vun der politescher Bildung ass d’Vermëttlung vu Wëssen, Methoden, Fähegkeet fir ze Urteelen an ze Handelen. Héibai baséiert d’Aarbecht vum Zentrum fir politesch Bildung op dem Beutelsbacher Konsens, déi sech u verschidden Prinzippien orientéiert:

Duerch den Iwerwältigungsverbued soll een selbststännegt Urteel vun de Bierger (also och Jugendlech an Kanner) vermëttelt ginn, mat dem Zil dat de Bierger selwer politesch Themen hannerfreet an kritesch betruecht, fir dat den demokratesche System funktionéieren kann. Duerch d’Kontroversgebot, soll dat wat an der Politik an an der Wëssenschaft kontrovers ass, och an der politescher Bildung kloer kontrovers duergestallt ginn. Et geet dorëms ënnerschiddlech Standpunkten, Optiounen an Deitungen duerstellen.

Duerch déi politesch Bildung soll den Jugendlechen dorop virbereet ginn, politesch Situatiounen ze verstoen, eegen Interessen ze analyséieren an no Mëttel a Weeër ze sichen, fir politesch Lage no den Interessen mat ze beaflossen.

Wann een déi Prinzippien awer elo mat der tatsächlecher politescher Bildung an Lëtzebuerg vergläicht gesäit dat ganz awer leider ganz anescht aus. Mir hunn festgestallt, dat déi aktuell Reforme vun der politescher Bildung duerch ënnerschiddlech Grënn nach gehënnert gëtt. Heibai feelt de politesche Wëllen op ënnerschiddlech Ebenen.

Ugefaange beim Ministère de l’éducation, an den eenzelen Direktiounen, bis hin zu den Proffen aus dem gesellschaftswëssenschaftlech an sozialwëssenschaftlechen Beräich, déi deelweis d’politesch Bildung dem Schüler bäibréngen, wou hinnen dat néidegt Fachwëssen feelt. Doraus ergëtt sech, dat d’Politik an der Schoul och net als existenziell Fach oder als Wëssenschaft wouer geholl gëtt.

Politesch Bildung gëtt an eiser Schoul ugebueden, mee ass leider net ganz gerecht verdeelt. Dat kënne mir doduerch erklären, wëll an eise Bildungssystem däitlech Ennerscheeder vun der politescher Bildung an den eenzelne Sektionen ginn an och tësched dem Classique an dem Generale.

¹ <https://zpb.lu/zpb/le-zpb-et-leducation-a-la-citoyennete/?lang=de#1511886116665-817dd07b-def4>



Heibäi gouf eis kloer, dat d'Gewiichtung vun dem Fach net fir jiddereen gläich ass. Dat huet als Konsequenz dat verschidden Schüler keng politesch Bildung erhalen par rapport zu anere Schüler. Eng weider Problematik ass dat d'politesch Bildung nëmmen een kleng Bestanddeel vum Cours ass an bei enger Schoulstonn d'Woch gëtt d'politesch Bildung de Schüler net ganz gerecht.

Fir eis stëllt den gravéierenden Manko un politescher Bildung eng grouss Problematik fir Gesellschaft duer. Engersäits déi gesellschaftlech Spaltung, déi deelweis duerch Politikverdrossenheet (an der Gesellschaft) entsteet, well d'politesch Entscheidungen zum Deel net verstane ginn. Anerersäits, wëll mir zum deelweis keng kritesch Staatsbierger méi sinn. Anescht gesot, dat d'Decisionen net onbedéngt an Fro gestallt ginn an dat villes wat gesot, och direkt geglëeft gëtt, ouni d'Quell an d'Informatioun ze hannerfroen.

Dofir proposéiert d'CSJ Schüler a Studenten folgend Punkten:

1. D'Politesch Bildung soll een méi héijen Stëllewert kréien, sou dat dëst Fach als een feste Bestanddeel vun der Éducatioun net nëmmen ugesinn, mais och duerchgesat gëtt.
2. Politik soll héi op eng spannend Art a Wéis un de Schüler bruecht ginn (z.B. duerch Visite vun der Chamber, oder EU Parlament, politesch Debatten an Aarbechtsgruppen an der Klass, Entrevuen mat Politiker oder Mataarbechter aus den politeschen Instiutiounen, politesch Workshops, Projeten zu der National- an EU-Politik).

Mam Verglach zu eisen Nopeschlänner kann een z.B. Holland, Belscht oder Däitschland an Betruecht zéien. An de genannte Länner ginn et fakultativ Programmen mat Ausflich fir d'Politik an déi ënnerschiddlech Instiutiounen ze presentéieren. An Däitschland ass politesch Bildung och een eegent Fach (mais och hei ass dëst nëmmen een Randthema).

3. Politesch Bildung als fakultativen Optionscours vun Ufank un an alle Sektionen ubidden.
4. Basiswëssen vun der politescher Bildung un de Schüler bréngen duerch de Proff an d'Basiswëssen vun der politescher Bildung un de Proff bréngen (domat wier och eng Formatioun oder een Studiegang vun der politescher Bildung noutwenneg).
5. Ënner Zwang léiert een net gutt. Dofir brauche mir eng Plattform an de Schoulen fir politesch Bildung, déi mat Zäit, Raum an eng villsäiteg Offer kann ugebueden ginn. Bedeit also d'Formatioun vun Personal, dat néidegt Aarbechtsmaterial, Réimlechkeeten, wou dat kann stattfannen, Organisatioun, etc.)



6. Politesch Bildung muss net onbedéngt réischt am Lycée ufänken, mais kéint och schonn an den Schoulprogramm vum Fundamentale (altersgerecht an éischer praktesch wéi theoretisch) agebaut ginn.
7. Wichtig bei der politescher Bildung ass och Consideratioun vun politeschen Themen, déi d'Jugend interesséiert (z.B. Wunnen an Lëtzebuerg, Ëmweltschutz, EU Politik, Probleemer zu Lëtzebuerg...). Politik also interessant an erlieffbar gestalten.

Ganz no dem Motto **Demokratie liewen an Demokratie léieren** ass et eis Zil dat d'politesch Bildung een méi héijen Stälwert an eiser perséinlecher Bildung kritt. Wuel wéssend dat dësen Prozess, Zäit, Raum an eng villsäiteg Offer braucht, ass et de Schüler a Studenten vun der CSJ absolut wichtig d'Politik interessant an erlieffbar ze gestalten, sou dat d'Bierger vu muer politesch Entscheedungen verstoen kënnen, eng eegen an kritesch Meenung vertrieeden kënnen an fir och déi ënnerschiddlech politesch Mesuren ze hannerfroen (domat déiten mir och un, dat een net onbedéngt alles direkt glewen soll, wat een grad an de sozialen Medien liest).

Heibäi gouf an dëser Resolutioun verschidden Weeër erkläert wéi een politesch Bildung un de Schüler bréngen kann an et ass eis een Uléies, dat et méiglech wier sou d'Bierger op d'Politik virzebereeden. Den Bierger huet sëlwer duerno d'Méiglechkeet ze entscheeden, wat hien aus dem Wëssen mécht an wéi hien sech als Bierger an der Gesellschaft politesch mat abréngt.

Ugeholl um CSJ Nationalkongress 2022 zu Fluessweiler